



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Direction de la Défense

**Gemeinsam Äntwert vum Verdedegungsminister a vum Aussen- an
Europaminister op d'parlamentaresch Fro n° 6673 vum 18. August 2022 vum
honorabelen Deputéierten Fred Keup**

Zur Fro 1:

D'Situatioun am Mali fir déi divers international Missiounen ass effektiv a villen Hisiichte problematesch. Dofir wäert och d'Mandat vun der lëtzebuergescher Participatioun un der EUTM, wat bis Enn dëst Joer leeft, net méi verlängert ginn. De Rôle vun der MINUSMA ass allerdéngs vun zentraler Wichtigkeet fir d'Ëmsetzung vum Alger-Friddensaccord vun 2015. Dofir wäert d'lëtzebuergesch Contributioun bis op Weideres bestoe bleiwen, dat ass iwwregens och de Fall fir de Moment fir den Asaz vun der Bundeswehr.

Zur Fro 2:

D'lëtzebuergesch Regierung verfollegt d'Situatioun am Mali genau fir kënnen *à même* ze si gegebenefalls séier op nei Evolutiounen ze reagieren ouni sech allerdéngs wëllen u Spekulationen iwwert di zukünfteg Entwécklungen ze bedeelegen.

Lëtzebuerg, den 16. September 2022

(s.) François Bausch
Verdedegungsminister